

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13021LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	4 Akte
Bünebiller:	1 Living
Spilldauer:	+/- 35 Min.
Rollen:	5
Frauen:	1
Männer:	4
Rollensatz:	6 Hefte
Preis Rollensatz	105,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13021LU

Dinner for one - a wou sinn di aner?

(Krimmidinner an 4 Akte)

vum

Wolfgang Gerlach

iwwersat vum

Jos Weimerskirch

Inhalt :

E huet ee sech gefrot wat mat de Gäscht lass ass déi zu Midsummer op der Mrs Sophie hirem 90te Gebuertsdag hätte solle sinn, an déi vum Butler James, méi oder manner gudd vertruede goufen. A wat ass eigentlech di Mahogany Zopp? E bisweilen Onbekannten huet eegent Intressi fir de Fall opzeklären. Ob den Inspekter Borneby an de Sergeant Pepper Liicht ab dat Ganzt bréngen? Fënnef Joer méi spéit kéint datt hinne geléngen.

D'Stéck spillt an lesszëmmer vun der Mrs Sophie. Dat ganz ass e Réckbléck an dofir spillt dat ganzt aus engem anere Bléckwénkel wéi dat traditionellt Stéck. D'Madame vum Haus setzt mam Gesicht zum Publikum. Vun de Zuschauer lenks aus gekuckt steet e Buffet mat den lesssaachen. Fir op der rietser Säit ënnerhalen sech de Koch, Borneby a Pepper, do steet och e klengen Dësch fir de Projekter drop ze stellen. Um Buedem läit e Pelz mat Kapp. Alternativ kann den lessdësch och queesch op der Bün stoen. Miss Sophie setzt riets an di 3 ënnerhalen sech lénks vir op der Bün.

Miss Sophie Motherwell	eng al Fra	
James	der Mrs Sophie hire Butler	
Koch	der Mrs Sophie hire Kach	
DCI Borneby	Detective Chief Inspector	
DS Pepper	Detective Sergeant	

- theaterverlag-theaterstücke.de

- www.nrw-hobby.de

- www.theaterstücke-online.de

- theaterverlag.de

- VERLAGSVERBAND:

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlëine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

(D'Miss Sophie an hire Butler sinn grad no der Gebuertsdaysfeier fort gaang an d'Zëmmer [Bühn] ass eidel. De Koch kënnt eran mat engem Ice-Pack an der Hand)

Koch: *(zu sech selwer)* Et ass maer e Rätsel. Fir wat hunn ech mech iwwerhaapt drop agelooss? *(E setzt sech, schëtt sech e Glas Likör an e Glas an drénkt e Schlupp, duerno hält e sech den Ice-Pack op de Kapp)* Wei dat hei nees erausgesäit ... et ass all Joer dat selwecht. Fräck wat hunn ech eng Bëls. Hätt ech dach net ... An da sot ech nach viru kuerzem zu enger Fra et sollt ee net ... *(et schellt de Koch geet opmaachen. Den DCI Borneby an den DS Pepper kommen eran)*

Borneby: Gudden Owend Haer ...?

Koch: Koch.

Pepper: Captain...

Koch: Nee, ech sinn hei just de Koch.

Pepper: Kuck emol een sech dat un ... *(geheit e Bléck op d'Likörglas)* An Daer kacht mat Likör...?

Koch: Heiansdo maachen ech dees och an d'lessen. A wien si Daer?

Borneby: Dat ass den Sergeant Pepper ..

Koch: Dee vun der Band "Salt and Pepper"?

Borneby: Quatsch. An ech sinn de Commissaire Borneby.

Koch: Wéi kann ech Aech hëllefen?

Borneby: Ech wier frou wann Daer mat eis d'Opzeechnung vun der 95ter Gebuertsdaysfeier zu Éieren vun der ...

Koch: Ech weess, ech hu jo alles preparéiert.

Borneby: Zu Éieren vun der Miss Sophie kucke géift. Maer hunn alles mat enger verstopptener 3D Kamera opgeholl.

Koch: Ech huelen un Daer hat dat och virdrun vum Gericht geneemege gelooss.

Borneby: Natierlech.

Pepper: *(zu sech selwer)* Ech froe mech zwar wéi deen... *(e weist mam Fanger op der Koch)* eppes zu der Opklärung bäidroen kann, wou e jo di ganzen Zäit an der Kichen beschäftigt war...

Koch: Dëse Butler mécht net méi wéi néideg.

Borneby: *(mécht e Koffer op)* Macht emol kuerz d'Luucht aus. Da kann ech den 3D-Baemer umaachen *(De Koch mécht wat en ugestallt gouf. D'Equipe vun de Bühnauer wiesselt di faarweg Géigestänn am Raum duerch schwaarz-wäiss Géigestänn aus, wichteg sinn heibäi d'Biller déi un der Mauer hänken, eventuell och de Pelz, wann e net scho virdrun gro war. Wann d'Luucht nees ugeet ass de James derbäi d'lesszëmmer ze inspiréieren an am gaang di lescht Virbereedungen fir d'lessen ze treffen. D'Miss Sophie kënnt méi spéit derbäi. Am*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

weideren Verlaf vun der 3D-Projektioun gëtt d'Bild heiansdo ugehal duerch drécken vun engem imaginäre Knapp duerch de Borneby. An deem Moment ass op der Bün e FREEZE vum James an der Miss Sophie. Wat et deenen aneren erlaabt ongenéiert ze schwätzen.)

Koch: Dat ass jo realitéitsno. Et geet awer näischt iwwert d'Technik ... Mee (*kuckt sech ëm*) ... dat ass jo just schwaarz-wäiss! (*well anescht wéi de Borneby, de Pepper an de Koch sinn de James an d'Miss Sophie schwaarz-wäiss gekleet an hir Hautpartien si gro geschminkt*)

Borneby: Dofir ass awer alles dräidimensional. Et kann een am Liewen net alles hunn. (*Den James ass fäerdeg mam decke vum Dësch, trëllt iwwert den Déierekapp iergert sech a betätegt de Gong.*

(*D'Miss Sophie kënnt*)

Koch: Iwwert den Sound kann ee net meckeren.

Borneby: (*ganz stolz*) Gesi der.

James: Gudden Owend Miss Sophie, gudden Owend.

Miss Sophie: Gudden Owend James.

James: Daer gesidd haut den Owend faszinant aus Miss Sophie.

Miss Sophie: Jo, ech fille mech haut och immens, Merci James.

Pepper: (*betount lues*) Mierkt Daer Chef wéi se ...

(*De Borneby dréckt mat engem grouse Geste d'Pausetaste FREEZE De James wëll d'Miss Sophie grad placéieren.*)

Borneby: Daer kënnt och normal schwätzen, dat ass eng Projektioun.

Pepper: (*nach ëmmer lues*) Mierkt Daer Chef,...

Borneby: (*betount haart an däitlech*) Eng Pro..jek..tioun... Hu Daer verstan?

Pepper: Et ass jo gutt...(de Borneby dréckt mat engem grouse Geste op d'Play-Taste)

James: Gut, ... gut, ... gut.

Miss Sophie: (*kuckt sech ëm*) Jo, ... ech muss soen et gesäit flott aus.

Pepper: Tjo, wéi een an China seet: D'A ässt ... ee mat.

Borneby: Ah, mécht een dat?

James: Merci Miss Sophie, Merci.

Borneby: Fir wat wënscht hien hir 2 Mol gudden Owend a fir wat seet hien hir 2 Mol Merci? Di Gutt schéint jo net senil ze sinn.

Miss Sophie: Sinn se all do?

Pepper: Nee di Domm. Et ass nach keen do.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Koch: Dat geet scho jorelaang esou, béid maache just wéi wann.

James: Natierlech, jo , jo ,... se sinn all ob Aere Gebuertsdag komm, Miss Sophie.

Miss Sophie: An et ass fir di 5 gedeckt?

James: Fir jidderee gedeckt, sou wéi ëmmer.

Pepper: Wéi ëmmer also ...

Borneby: Dann ass et sécher och egal wa maer eréischt dëst Joer opgezeechent hunn.

Koch: D'Déclaratiounen bei der Assurance, déi d'Miss Sophie all Joer mécht variéieren och ni vill.

Borneby: Wouhier wësst Daer dat?

Koch: Et ass ëmmerhin di drëtte Kéier, dass ech hei schaffen fir ...

Pepper: ... fir dem Dinner - fir eent?

Koch: Wien huet Aech Lëtzebuergesch geléiert? Et ass fir den Dinner. En ass fir der Miss Sophie hire Gebuertsdag.

Miss Sophie: Sir Toby?

James: Sir Toby, jo, dee setzt dëst Joer hei Miss Sophie.

Borneby: Opgepasst, e sëtzt net wéi ëmmer.

Pepper: Fir wat och, en ass jo guer net do...

Koch: Ech sot jo, se maache just wéi wann.

Pepper: Ah sou, déi wëlle just spillen.

Miss Sophie: Admirol von Schneider.

James: Den Admirol von Schneider sëtzt hei Miss Sophie.

Pepper: Wann si se all perséinlech nennt huet dat sécher eng Ursaach.

Miss Sophie: Mister Pommeroy?

James: De Mister Pommeroy hunn ech Aech op dës Säit gesat.

Borneby: Interessant säi Stull ass wäit ewech vun hirer Platz. Soll do eppes virgefall sinn?

Miss Sophie: A mäi léiwe Frënd de Mister Hinterbotton.

Pepper: Hu Daer dat matkrut? Si nennt en Hinterbotton

Borneby: Hinterbotton. Hinterbotton? Jo, an „mäi léiwe Frënd“!

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

James: Riets direkt niewent Aech. Sou wéi Daer Aech et gewënscht hutt, Miss Sophie.

Koch: „Riets niewent Aech“. Ob dat politesch korrekt ass?

Pepper: Wisou?

Miss Sophie: Merci ..., James. Daer kënt elo d'Zopp zerwéieren.

James: D'Zopp, Merci Miss Sophie, Merci.

(E geet se sichen.)

Pepper: Do, scho nees Merci a nach eng Kéier Merci.

James: Et ass alles virbereet. Eppes vun Ärer Lieblingszopp (... e verträppelt sech nees, féllt d'Zopp op a geet bei d'Miss Sophie zeréck) E Löffel Mahogany-Zopp Miss Sophie?

Miss Sophie: Mahogany-Zopp hunn ech besonnesch gär ..., James.

(... en zerwéiert d'Zopp)

James: Dat weess ech dach.

Koch: Natierlech weess en dat wann en esou vertraut mat hir ass.

Borneby: Eng Zopp mat Mahogany..? Mat Holz ...? Wéi schmaacht dat dann?

Pepper: Nee Chef Mahogany-Zopp. Dat ass eppes ganz anescht.

Borneby: Sécher eppes Vegetaresches an de Butler hofft op méi Loun am Fall vun engem Succès.

Miss Sophie: Ech mengen maer drénken e Cidre bei der Zopp.

James: Cidre bei der Zopp, jo apropos dee selwechten Trallala wéi d'lescht Joer Miss Sophie?

Miss Sophie: Dee selwechten Trallala wéi all Joer. James.

James: Dee selwechten Trallala wéi all Joer. James. *(e geet de Cidre sichen, iergert sech, kontrolléiert d'Etiquette op der Fläsch a geet zeréck bei den Dësch)*

Borneby: De Butler wonnert sech, et schéint wéi wann en net ëmmer mat „James“ ugeschwat gëtt.

(de James féllt 5 Glieder beim Sir Toby zwee Mol. Duerno mécht en de Stopp op d'Fläsch an dréit se zeréck, verträppelt sech a geet bei den Dësch zeréck)

Miss Sophie: Ass dat e Glas Cidre James?

James: Jo en dréchenen Cidre ..., ganz dréchen, direkt haut de Moien aus dem Keller, Miss Sophie.

Pepper: Dat kéint d' Schlëssel-Wuert sinn, ganz dréchen, direkt haut de Moien aus dem Keller, Miss Sophie.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Borneby: Schlësselwierder hunn d'Eegenschaft aus engem eenzeg Wuert ze bestoen net aus ganz Sazdeeler.

Koch: Villäicht hunn di 2 eppes vun der verstopptener Kamera matkrut?

Miss Sophie: Sir Toby? James.

James: *(mat engem fir hien typesche Geste)* Adel verpflichtet, Miss Sophie.

Pepper: Wei en deen generft nomécht.

Miss Sophie: Admirol von Schneider?

James: Ad ... Muss ech et dëst Joer soen, Miss Sophie?

Miss Sophie: Maer zu léift ... James.

James: Just wéinst Ärer, ganz gudden, jo, jo,... *(e schléit d'Hacken zesammen)* Skål.

Miss Sophie: Mister Pommeroy.

Borneby: Fir wat setzt deen eigentlech do vir?

James: Flott neit Joer Sophie. Meedchen.

Pepper: Ah nee ...!

Borneby: Eng Riedensaart vun him net méi. Do géif ech net zevill drop ginn.

Miss Sophie: An de léiwen Haer Hinterbotton.

Borneby: Dee „léiwen Haer Hinterbotton“. Wéi si dat betount.

James: *(prost mat hir un)* Lo si maer nees all beieneen aalt Haus ... äh Joffer.

Koch: Gëtt dee Kärel elo nervös?

Miss Sophie: Et dierf elo de Fësch zerwéiert ginn.

James: Fësch. Ganz gudd Miss Sophie, huet d'Zopp och gudd geschmaacht ?

Miss Sophie: Delikat, James.

James: Merci Miss Sophie, dat freet mech.

Borneby: *(dréckt nees d'Paus)* Moment wéi war dat? *(e spullt zeréck)*

James: Hcem teerf taad eihpos ssim icrem

Pepper: Wat gelift?

Borneby: Dat war hannerzech. An elo nach eng Kéier... *(dréckt op d'Play Taste)* ... wann ech gelift.

James: Merci, Miss Sophie, dat freet mech.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Borneby: *(dréckt d'Pausetast)* Dee brauch ...

Pepper: ...net vill Chef? "Froh zu sein bedarf es wenig, denn wer froh ist, ist ein König", wéi et am Lidd heescht.

Borneby: Ech sangen Aech gläich.

Pepper: Mee ...

Borneby: Jo, wéi wier et mat e bësse méi Konzentratioun *(en dréckt nees op de Play)*

James: ... dat et Aech geschmaacht huet. *(e raumt op an trëllt nees, en hält de Fësch)* E bessen Forelle, Miss Sophie?

Miss Sophie: Ech mengen maer huelen e Riesling vun der Musel derzou.

James: E Riesling bei de Fësch. De selwechten Trallala wéi all Joer? Miss Sophie?

Miss Sophie: De selwechten Trallala wéi all Joer, James.

James: Joo... *(en hält de Wäin, trëllt, kontrolléiert d'Fläsch a mécht de Stopp um Wee fir bei den Dësch erof)* Plöpp ... eraus ass de Papa.

Borneby: „Trallala“, jo genee, dee selwechten Trallala. Dat ass de Code. Alles anescht ass Quatsch.

Miss Sophie: Sir Toby.

James: *(mat dem fir hien typesche Geste)* Sou an elo ouni vill Fisematenten, Miss Sophie, mäi Meedchen.

Koch: Dat klengt elo net esou generft wéi virdrun.

Borneby: *(wénkt of)* Scht!

Miss Sophie: Admirol von Schneider.

James: Oh muss ech, Miss Sophie?

Miss Sophie: James, wann ech gelift.

Pepper: Fir wat deet déi Fra him dat un? Dat ass dach sadistes, oder?

Borneby: Iergendeppes schéint der Fra Spaass ze maachen.

James: *(knappt d'Féiss zesummen)* Skál.

Miss Sophie: Mister Pommeroy!

James: Schéint neit Joer, Sophie Meedchen.

Pepper: Elo eréischt héieren ech dee franséischen Akzent.

Koch: De Mann koum direkt vun Anneville sur Seine. Den Haer Pommeroy war der Miss Sophie hire Fournisseur.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Pepper: War?

Borneby: En ass dout Sergeant, genau wéi di dräi aner. Fir wat meng Daer, dass maer hei sinn?

Miss Sophie: Mister Hinterbotton. Daer gesidd méi jonk aus ewéi virdrun, meng Léiw, méi jonk wéi virdrun.

Borneby: *(dréckt nees d'Paus-Taste)* Halt, nach eng Kéier dat ganz. *(spillt zeréck)*

James: Nurdriv iéw knoj iém wiél gnem, nurdriv iéwe sua knoj iém ddiseg read

Borneby: *(dréckt Play-Taste)* Elo oppasst.

James: Daer gesidd méi jonk aus ewéi virdrun, meng Léiw, méi jonk wéi virdrun, Ha, ha, ha ha, ha, ha. *(de James muss sech um Stull festhalen fir d'Kéier ze kréien)*

Borneby: Hu Daer et matkrut?

Pepper: Wat genau?

Borneby: *(wénkt of)* Roueg, elo net.

Miss Sophie: Zerwéiert elo w.e.g. de Poulet.

James: Jo,... *(raumt de Fësch of a kënnt mam Poulet zeréck)*

Miss Sophie: Dee gesäit richtig bio aus.

James: Dat ass deen allerbescht Hing, Hing, ... Poulet, soen ech Aech, deen allerbeschten.

Miss Sophie: Ech mengen Schampes géif bei de Poulet passen.

James: Schampes, jo ... selwecht, dee selwechten Trallala wéi dat lescht Joer Miss Sophie?

Miss Sophie: Dee selwechten Trallala wéi all Joer James.

(De James geet d'Schampesfläsch sichen, trëllt nees iwwert de Kapp, schnaapt sech d'Fläsch a geet nees bei den Dësch.)

James: *(fir den Sir Toby mat dem fir hien typesche Geste)* Aristokrat, dat ass fir mech, wee keen aneren huet brauch mat kengem ze deelen.

Koch: Ech ka maer net hëllefen, mee fir mech klénge dat op eemol éierlech...

Pepper: Wisou?

Borneby: Op de James iwwerhaupt echt ass?

Pepper: De Butler. Net echt?

Borneby: Dat misst Daer dach wëssen, Koch, wann Daer hei méi oft ...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Koch: Nee dat weess ech net. Meng Firma kritt all Joer en Hausschlëssel an e Bréif mat genauen Uerdereren. Ech hunn hei nach ni ee gesinn.

Borneby: Mee héieren?

Koch: Jo sécher dat.

Miss Sophie: Admirol von Schneider.

James: Muss ech Miss Sophie?

Miss Sophie: James?

James: Schka!!!!

Miss Sophie: Mister Pommeroy.

James: Schéint neit Joer, Sophie Meedchen.

Borneby: Roueg elo.

Miss Sophie: Mister Hinterbotton.

James: *(gräift d'Glas)* Daer sidd eng vun deene schéinste kleng Fraen, denen ech jee begéint sinn ... hick ... eng vun de schéinste kleng Fraen dat mer jee begéint ass, deem ech jee begéint sinn *(geet ganz no bei hiert Gesicht a kuckt et un)* jee begéint ass *(e rāpst)* ech erklären d'Kirmes heimadder als op. *(de James ëm ronnt den Dësch, kippt d'Miss Sophie no hannen wat Kreesch deet, raumt d'Rechter vum Poulet of geheit de Poulet mam Plateau iwwert d'Kulisse an den off duerno wonnert en sech wou alles bliwwen ass)*

Pepper: Dat mam Plateau hu Daer sécher matkritt, esouguer an der Kichen.

Koch: Also passt emol op...

Pepper: Wat geschidd als next?

Koch: Also Sergeant loosst mech emol ausschwätzen. Dat mam Plateau hunn ech net nëmmen matkritt *(reaktivéiert de Cool-Pak)* Ech hunn en dropkritt.

James: Wëll Daer e bëssen Tutti Frutti?

Miss Sophie: Jo gären. Ech mengen maer drénken e Likör beim Tutti Frutti.

James: Oh, ... nee! De ... selwechten Trallala wéi dat lescht ...

Miss Sophie: Dee selwechten Trallala wéi all Joer, James.

James:!!!

Pepper: Wann ech blous wéisst wat déi all Kéiers mat deem Trallala wéi all Joer géife mengen.

Borneby: *(wénkt of)* Ssscht!

(De James geet bei de Buffet, trëllt, gräift d'Fläsch a geet nees bei den Dësch zeréck wou en d'Glieser féllt. De Moment wou e nees mat der Likörfläsch bei de Buffet geet sprengt en iwwert den Déierekapp. Dee Moment wou en op de Féiss lant, dréckt de Borneby d'Pause- Taste an de James bleibt an den Huppen)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Koch: Wat soll dat elo bedeiten?

Borneby: Dat hu maer direkt. *(e spillt de Film zeréck, d.h. de James sprengt hannerzeg, mécht e puer Schreck no hannen an do wou de Borneby nees de Play dréckt geet e nees e puer Schrëck vijenzeg a spréngt op e neist)*. Dat gëtt et dach net ... deen huet di ganzen Zäit de Geck mat eis gemaach. Sou e Schäi...

Pepper: *(entsat)* Sir!

Borneby: Schäinhellegen! Et ass dach wouer...!

Miss Sophie: Sir Toby.

James: En Zéckerchen Moies, en Zéckerchen..

Borneby: Dat ass et. Dat ass net de James. Ech hunn den Sir Toby perséinlech kannt. Deen hätt ni esou gesot, och wann e perséinlech säin Adelstitel ofginn huet. Domadder huet de Butler sech verrodend. Wann deen den Sir Toby erlieft hätt, géif en dat wëssen. Maer mussen elo just nach erausfannen wien hien wirklech ass.

Koch: Dat géif maer villäicht och weiderhëllefen.

Pepper: Wisou Aech?

Koch: Spéider.

Miss Sophie: Admirol von Schneider.

James: Schkal!!!

Miss Sophie: Mister Pommeroy.

James: *(mécht dat verschrotten Gedrénks nees an de Becher)* Et deet maer Leed Madame, Leed.

Miss Sophie: Mister Hinterbotton.

James: *(hëlt d'Blumen aus der Vase a drénkt doraus)* Huuuh, *(zu sech selwer)* dat schmaacht no Kaz, iwwerrenne soll een déi.

(E schwankt a Richtung Buffet)

Borneby: Dat ass d'Léisung.

Pepper: Ech verstinn näischt...

Koch: Et ass dach kloer.

Borneby: Scht!

Koch: De Butler.

Borneby: *(wénkt of)* Roueg.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehwiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Miss Sophie: James, dat war nees eng super Party.

James: *(steet um Pelz)* Jo, dat war gelungen.

Borneby: Et ass jo och alles dem Plang no gaang.

Pepper: Wat lo?

Koch: Falsch Fro.

Miss Sophie: Ech mengen ech zéie mech zeréck.

James: An äert Bett?

Miss Sophie: Jo.

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Dinner for one - a wou sinn di aner?"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouf per Post oder Zousatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www.mein.theaterverlag.de

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehwiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstuecke-online.de – www.theaterverlag-theaterstuecke.de – www.nrw-hobby.de